LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

Ministre déléguée auprès du Premier ministre, chargée des Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 LUXEMBOURG

Référence : 847x3882a

Luxembourg, le 1er février 2024

Concerne : Fir déi jäerlech Upassung vun de Steiertabellen un d'Inflatioun

Madame la Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint ma prise de position à la pétition n° 2438 sous rubrique.

Veuillez agréer, Madame la Ministre, l'expression de mes salutations les meilleures.

Gilles Roth
Ministre des Finances

3, rue de la Congrégation
L-1352 Luxembourg
Tél. (+352) 247-82600
Fax (+352) 247-92625
Adresse postale:
L-2931 Luxembourg
ministere-finances@fi.etat.lu
www.mfin.gouvernement.lu

144 000003 20040525 FR

Stellungnam vum Minister Gilles Roth op d'Petitioun n°2438 iwwert d'Upassung vun der Steiertabell un d'Inflatioun

D'Petitioun n°2438 gräift d'Problematik vun der kaler Progressioun op a fuerdert dat d'Steiertabell un d'Inflatioun ugepasst get.

Mat Recht weist de Petitionär op eng ongerecht Situatioun hin déi en direkten an negativen Impakt op d'Kafkraaft vun de Bierger huet. Eng Net-Upassung vum Barème un d'Inflatioun ass eng verstoppte Steiererhéijung a genau dofir gëtt d'Steiertabell graduell ugepasst.

Des Problematik gouf och scho mat de Sozialpartner am Kader vun dem drëtten Accord Tripartite diskutéiert. En éischt Gesetz fir dem entgéint ze wierke gouf de 5. Juli 2023 eestëmmeg vun der Chamber ugeholl. Ewéi et am Accord Tripartite vum Mäerz 2023 festgehal gouf, gesäit d'Gesetz vum 5. Juli 2023 eng éischt Upassung vun der Steiertabell, ab dem Steierjoer 2024, an Héicht vun 2.5 Indextranchë vir.

Weiderhin ass ze vermierken dat am Regierungsaccord 2023-2028 festgehale ginn ass, datt des Regierung d'Problematik vun der kaler Progressioun weider op de Leescht well huelen. An där Hisiicht huet d'Regierung d'Steiertabell nach emol em eng zousätzlech Upassung vun 1.5 Indextranchen ugepasst mam Gesetz vum 22. Dezember 2023. Esou gëtt d'Steiertabell, ab dem Steierjoer 2024, insgesamt em 4 Indextranchen ugepasst.

Ab dem Joer 2024 wäerten also d'Bierger schonn eng éischt Reduzéierung vun hirer Steierlaascht ze spiere kréien an domat och gläichzäiteg eng Erhéijung vun hirer Kafkraaft. Ënnert dem Strech gëtt et esou méi Netto vum Brutto. Et ass ze vermierken, datt et sech bei dëse Mesuren em strukturell Upassungen handelt déi net zäitlech op een oder e puer Steierjore beschränkt si.

An engem Kontext vu Polycrise well sech des Regierung awer net mat der Upassung vu 4 Indextranchen zefridde ginn a befaasst sech weider mat zousätzleche Mesuren déi kéinten agefouert gi, mam Zil d'Kafkraaft vum Steierzueler weider ze stäerken.